



Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet, a vun der Madamm Sam Tanson, Justizministesch, op d'parlamentaresch Fro n° 5232 vum 15. November 2021 vun den honorabelen Députéierten Andrée Bauler a Carole Hartmann

Ad Fro 1) :

Am Virfeld sief bemierkt, dass bei all Commissariat Plainte gemaach ka ginn.

De Moment si landeswäit 39 Beamten, dovunner 32 aus der Policekarriär an 7 Zivilmataarbechter (5 dovu si schonn als agent de Police judiciaire (APJ) vereedegt), an der Sektioon Protection de la jeunesse an Infractions à caractère sexuel affektéiert. 3 ausgeschriwwe Posten an dësem Domaine wäerten deemnächst mat weidere Poliziste besat ginn.

2015 waren et, am Verglach, just 28 Polizisten. Zënter der Reorganisatioun vun August 2018, mam Zesummeleeën vun den SREC-Sektioonnen (Section de Recherche et d'Enquête Criminelle) an dem Service Police Judiciaire am Beräich Jugendschutz souwéi Jugenddelinquenz, waren et genee 29 Polizisten an 2 Zivilmemberen.

Ad Fro 2) :

Wat d'Zuel vun den Dossieren fir 2021 vun dësem Service ugeet, gëtt et 551 nei Affairen am Domaine «délinquance juvénile, maltraitance an placements mineurs»; dovunner sinn der 109 nach net ofgeschloss.

Fir den Domaine «abus sexuel u Mannerjäregen» si bis elo 304 nei Affairen erakomm. 454 Affairen aus de leschte Joren sinn nach net ofgeschloss.

Ouni kënnen op genau Zuelematerial vu virun der Reorganisatioun zerëckzegréifen, kann ee grob soen, dass d'Affären a béide Beräicher an d'Luucht gaange sinn.

Ad Fro 3) :

Am Kader vum «Plan de recrutement extraordinaire», dee vum Minister fir bannenzeg Sécherheet initiéiert gouf, soll och de Service de Police Judiciaire an de kommende Jore verstärkt ginn.

Ad Fro 4) :

D'Zesummenaarbecht mat der Justiz am Beräich Jugendschutz klappt ganz gudd. Ee formelle wéi och een informellen Austausch tëschent den Enquêteuren an den Autorités judiciaires vun Dikrech an vun der Stad fënnt regelméisseg respektiv op enger *ad hoc* Basis statt.

Lëtzebuerg, den 14. Dezember 2021

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX